N°1832
Entrée le 30.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1832 vum 23. Januar 2025 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

Den éierbaren Deputéierten hëlt Bezuch op d'Publikatioun vum Wäissen Haus vun engem "Memorandum", deen den 20. Januar 2025 un de Sekretär vum Tresor adresséiert ginn ass. Dëse "Memorandum" gesäit vir, dass d'"international Steierofkommes" vun der OECD keen Effekt an den USA huet, soulaang de Kongress kee Gesetz fir d'Ëmsetzung vun dësem Ofkommes adoptéiert huet. Mat "internationalem Steierofkommes" ass d'Mindestbesteierungsofkommes gemengt, wat am Oktober 2021 um Niveau vum Inklusive Kader vun der OECD/G20 ugeholl ginn ass, de sougenannten "Pilier 2". De "Memorandum" weist den Tresor un, ze analyséiere, wéi eng Juridictiounen, eng Steierkonventioun violéiert hunn, respektiv wéi eng Juridictiounen Steierreegelen agefouert hunn, déi op eng onverhältnesméisseg Aart a Weis amerikanesch Betriber treffen. Den Tresor soll doriwwer eraus bannent 60 Deeg eng Lëscht mat méiglече Vergeltungsmoossname géint dës Juridictiounen opstellen.

An dësem Kontext muss een erwänen, dass d'Vereenegt Staate vun Amerika  Member vum Inklusive Kader vun der OECD/G20 sinn an dass de Pilier 2 am Konsens ugeholl ginn ass.

Fir d'Ëmsetzung vum Pilier 2 huet de Rot vun der Europäescher Unioun d'Direktiv (EU) 2022/2523 ugeholl. D'ëmgeännert lëtzebuergescht Gesetz vum 22. Dezember 2023 setzt souwuel d'Direktiv (EU) 2022/2523, wéi och  d'Pilier 2-Reegele vum Inklusive Kader vun der OECD/G20, ëm.

Lëtzebuerg ass duerch d'Direktiv (EU) 2022/2523 gebonnen a muss deementspriechend d'Mindestbesteierung vu 15% applizéieren.

Am Fall vun enger Neiverhandlung um multilateralen Niveau vu verschiddenen Aspekter vum Pilier 2 muss sécher gestallt ginn, dass de Prinzip vum "level playing field" agehal gëtt an dass den entspriechenden europäesche juristesche Contraintë Rechnung gedroe gëtt.

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth